N°4603
Entrée le 20.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4603 vum 10. August 2026 vun der honorabeler Deputéierte Madamm Alexandra Schoos.

*1. Bestätegt d'Madamm Minister, datt d'Mediatioun offiziell gescheitert ass?*

*2. Wéini gëtt de Procès-verbal vun der Mediatioun der Madamm Minister zougestallt oder ass en der Madamm Minister schonn zougestallt ginn?*

*3. Gëtt de Procès-verbal der Chamber, bezéiungsweis der zoustänneger Chamberskommissioun, zur Verfügung gestallt?*

D'Mediatioun tëschent der Association des médecins et médecins-dentistes (AMMD) an der Gesondheetskeess (CNS) ass den 13. August op en Enn komm. De *Procès-verbal de non-conciliation* gouf den impliz éierte Parteien de 14.8. zougestallt.

Dëse läit och der Chamber vir, an ass ugespéngelt un déi zwee groussherzoglech Reglementer déi de 17. August 2026 vum Regierungsrot ugeholl goufen an op den Instanzewee geschéckt gi sinn (https://legilux.public.lu/eli/dl/pr/2026/240 & https://legilux.public.lu/eli/dl/pr/2026/241).

*4. Wéi eng konkret Propositiounen huet d'CNS am Laf vun de Verhandlungen an der Mediatioun der AMMD ënnerbreet?*

*5. Wéi eng vun de Fuerderunge vun der AMMD goufen duerch d'CNS respektiv d'Regierung akzeptéiert, deelweis akzeptéiert oder refuséiert?*

Am Kader vun de Negociatiounen, ass d'CNS ob d'Revendicatioune vun der AMMD déi d'Konventioune betreffen agaangen, an huet prezis Textpropositiounen ënnerbreet.

Hei ass et ënner anerem em d'Artikele 24*bis*, 110 (bei den Dokteren) an 111 (bei den Zänndokteren) gaangen. Des weidere war een sech eens ginn, déi aktuell Dispens déi am Kader vun der *transmission numérique* virgesinn ass (Artikel 18 vun de Konventiounen), bäizebehalen an domadder eng Digitalisatioun vum Secteur virunzedreiwen.

Dës goufen och am Kader vun den Negociatioune mat der AMMD vun dëser akzeptéiert, allerdéngs ass et net zur Ënnerschrëft vun de Konventioune komm.

*6. Wéi gouf bei de Verhandlungen tëscht der CNS an der AMMD dem Ëmstand Rechnung gedroen, datt extrahospitalier Dokteren hir Praxis-, Personal- a Materialkäschten iwwer hir Tariffer finanzéiere mussen, wärend d'Infrastruktur- a Betribskäschte vun de Spideeler separat iwwer d'Spidolsbudgete finanzéiert ginn?*

Dëst läit ausserhalb vum Champ d'Application vun der Konventioun, sou dass et net weider Thema vun de Verhandlunge war.

*7. Ass d'Regierung der Meenung, datt nach realistesch Chancen op eng nei Konventioun virum Auslaf vun der aktueller Konventioun bestinn?*

*8. Falls net, huet d'Regierung scho mat der Virbereedung vum règlement grand-ducal, dee virgesinn ass, ugefaangen? Wann net, wéi ass de virgesinnen Zäitplang?*

*9. Op wéi eng Bestëmmunge vum Code de la sécurité sociale stäipt sech dëse règlement grand-ducal a wéi vill Spillraum léisst dës Bestëmmung der Regierung bei der Ausaarbechtung vum règlement grand-ducal?*

*10. Wéi eng Dispositioune vun der aktueller Konventioun sollen an de règlement grand-ducal iwwerholl ginn, a wéi eng net?*

Och wann d'Mediatioun net zu enger Léisung gefouert huet, verhënnert dat net dass d'Gespréicher tëschent der AMMD an der CNS weiderlafen.

Fir all Form vun engem méigleche Vide juridique ze evitéieren, sinn zwee groussherzoglech Reglementer preparéiert ginn an de 17. August vum Regierungsrot approuvéiert ginn. E groussherzoglecht Reglement kann ob Basis vum Artikel 70, Paragraph 2, Alinea 2 vum Code vun der sozialer Sécherheet geholl ginn, fir déi obligatoresch Dispositiounen ze fixéieren, esou wéi se am Code vun der sozialer Sécherheet (CSS) virgesi sinn (ënner anerem am Artikel 64 vum CSS).

Et gëtt keng Differenze par Rapport zur aktueller Konventioun. All Dispositiounen déi obligatoresch mussen an enger Konventioun virgesi sinn an déi an der aktueller Konventioun drastounge sinn iwwerholl ginn.

*11. Wéi ee rechtleche Kader géif gëllen, wann de règlement grand-ducal nom Auslafe vun de Konventioune geriichtlech suspendéiert géif ginn?*

Et applizéiert sech weiderhin de Code vun der sozialer Sécherheet an déi jeeweileg Nomenclature vun den Dokteren an Zänndokteren, esou wéi d'Statute vun der CNS.

*12. Wéi wäert an Zukunft d'Festleeë vun den Tariffer fir medezinesch an zännmedezinesch Prestatioune gereegelt ginn?*

D' Festleeë vun Tariffer ass net Objet vun enger Konventioun tëscht der CNS an der AMMD an ass demno och net Bestanddeel vun de virgenannte Reglementer.

D'Tariffer vun den Akten a Servicer vun den Dokteren an Zänndokteren erginn sech duerch eng Multiplikatioun (Artikel 66 vum CSS) vun de Koeffiziente vun dësen Akten a Servicer, esou wéi se an der Nomenclature fir d'Dokteren, respektiv d'Zänndoktere fixéiert sinn, mat der *valeur lettre-clé* déi ze fixéieren ass no Artikel 67 aus dem CSS.

*13. Wéi wäert d'Matsprooch vun den Dokteren an den Zänndokteren no Auslaf vun der Konventioun garantéiert ginn?*

*16. Wéi eng Gespréicher sinn nach virun Enn Oktober 2026 tëscht der Regierung, der CNS an der AMMD geplangt?*

Et ass geplangt e reegelméissegen Austausch mat der AMMD bäizebehalen. Och an Zukunft a wéi gewinnt, ass a bleift d'Dir vun der Ministesch an dem Ministère fir Verhandlungen, Diskussiounen an den Austausch op.

*14. Wéi eng konkret Auswierkunge gesäit d'Regierung fir d'Patienten, besonnesch wat den Accès zu Spezialisten, d'Waardezäiten an d'ambulant Versuergung ugeet?*

*15. Huet d'Regierung eng Evaluatioun gemaach iwwer déi méiglech finanziell an organisatoresch Konsequenze vum Auslaf vun der Konventioun fir d'CNS an de Gesondheetssystem? Wa jo, wat sinn d'Schlussfollgerungen?*

*17. Kann d'Madamm Minister ausschléissen, datt et nom Auslaf vun der aktueller Konventioun zu Stéierungen an der Gesondheetsversuergung oder zu enger Verschlechterung vum Zougang vun de Patienten zu medezinesche Prestatioune kënnt?*

D'Kënnegung vun der Konventioun wäert keng Auswierkungen op de Patient an/oder den Dokter hunn.

*18. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Ziler aus dem Koalitiounsaccord am Beräich vun der Stäerkung vun der ambulanter Medezin an der Entlaaschtung vun de Spideeler bis elo ëmgesat goufen? Falls jo, op Basis vu wéi enge konkrete Resultater?*

De Koalitiounsaccord gesäit vir datt d'konventionéiert Medezin erhale bleift an datt d'Spideeler an hirer Roll gestäerkt ginn, a parallel de Potential vun den ambulante Servicer nach besser soll genotzt ginn. An deem Sënn huet d'Regierung souwuel ee Gesetzesprojet fir liberal Societéiten an der Medezin z'encadréiere wéi och ee Gesetzesprojet fir verschidden Aktivitéiten aus de Spideeler auszelageren op de Wee bruecht.

D'Regierung verweist op di jeeweileg Publikatioune vum Observatoire de la santé an op reegelméisseg international Studien déi dem Lëtzebuerger Gesondheetssystem eng ganz gutt Evaluatiounen ausstellen, a weisen datt mir am Verglach mat eisen direkten Nopere gutt opgestallt sinn. D'Waardezäite sinn am Detail analyséiert ginn an der Publikatioun https://obs.gouvernement.lu/fr/rapports/carte-sanitaire/carte-sanitaire2025.html an et ass virgesinn am Joer 2028 eng Aktualiséierung vun dësem Bericht ze maache fir d'Evolutioun iwwer 2026/2027 am Detail kennen ofzezeechnen.

Lëtzebuerg, den 20. August 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez